

vun dem Fraktiounschef vun der Oppositoun ze héieren, dass dës Majoritéit sech nei Prozedure ginn huet, notamment dat nei Kontabilitéitsgesetz,...

(Interruptions diverses)

...notamment och nach hien als President agesat huet vun där zoustänneger Kommissioun, esou dass de Schlamassel, dee virdrun an dem Bauteministerium ënnert dem Här Goebbels geherrscht huet, net méi méiglech ass.

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, ech wollt awer drop hiweisen, dass d'Basis...

(Brouhaha général)

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Oh neen!

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Henckes, wann Dir keng Zäit hutt, Dir dierft goen. Ech halen lech net zrëck.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Här President, ech wollt drop hiweisen, datt déi nei Prozeduren, déi déi nei Majoritéit sech ginn hätt, haaptsächlech an deem neie Kontabilitéitsgesetz bestinn. Ech wëll just drun erënneren, dass dat virun deene leschte Wahle gestëmmt ginn ass, also sinn et net just d'Prozedure vun der nei Majoritéit, mä och vun der aler Majoritéit, déi d'Schwächte vum System erkannt hat.

Merci.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Bauteministesche, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

■ **Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréischte der Kommissioun an dem Rapporteur Néckel Strotz merci fir déi guut Aarbecht. De Rapport war explicite, dat heescht ech brauch net méi an den Detail vum Projet selwer anzegoen. Ech maachen awer selbstverständlech e puer Bemerkungen zum Prinzip.

Ech mengen emol éischstens muss mer entscheiden, ob et sech ëm eng Restauratioun oder ëm en Ausbau vun enger bestehender Schoul dréint, oder ob et sech ëm en Neibau dréint. Et ass natierlech beim Lycée technique des Arts et Métiers e komplexe Projet gewiescht, deen och évoluéiert huet, dat beweist schonn déi laang Zäit wou dru gebaut ginn ass, wou natierlech ëmmer nei Iddie kommen sinn, wou och nei Problemer komm sinn, an ech wette mat lech datt heibanne kee Buergermeeschter ass, deen a senger Gemeng eng Restauratioun vun engem ale Gebai gemaach huet, ouni datt hie mat engem Devis supplémentaire huet misse bei sai Gemengerot goen.

■ **Une voix.**- Très bien, dat ass richtig.

■ **Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.**- Domadder huet hie sech ofgeséichert, domat ass hien an aller Legalitéit sécher, datt hie seng Majoritéit souwuel informéiert huet a sai Gemengerot hanneren sech huet. De Minister kann dat net oder konnt et net. Mir hunn elo Méttel a Weeër fonnt.

Ech hat sengerzäit als Chambers-presidentin scho virgeschloe mer sollten eng Prozedur „genehmigt zur Planung“ an d'Wee leeden, fir datt dann och de Bauteminister mat engem fäerdege Projet détaillé heihinner kënnt kommen, da wiere mer emol méi no bei der Wourecht. Dat ass awer aus constitutionnelle Grënn net akzeptéiert ginn, well dat eng Genehmigung wier, wou kee Käschtepunkt mat dra wier. Elo si mer op enger Prozedur wou mer genehmen, an do sinn ech net mam Här Henckes d'accord, well wa mer géifen dat maache wat hie

proposéiert an en Avant-projet sommaire fir d'éischt stëmme loosse an dann e Projet définitif stëmme loosse, dann hätte mer nach eng Kéier eng legislativ Prozedur dertëscht a mir géifen nach net wëssen ob dat dann effektiv de richtige Käschtepunkt wier, well de richtige Käschtepunkt kënnt jo eréischt eraus wann d'Soumissioun gelaf sinn, an heiansdo ass e meilëwäiten Ënnerscheid tëscht engem Devis an enger Soumissioun.

Wat dëse Projet am Speziellen ugeet, do ass natierlech den Zäitpunkt, wéi den Här Scheuer dat genannt huet, Moutarde après diner. Et si véier Joer, déi tëscht dem Virleeë vun engem Gesetz an der Exekutioun leien, déi engem ze denke ginn. Ech muss allerdéngs soen: Och fir de Bauteministère ass et eng opwenneg Prozedur fir nees Projet de loi mussen auseschaffen, op den Instanzewee ze ginn an all déi Décomptes ze maachen. An esou vill Leit hu mer och net an deem Ministère an déi si voll op deene Projeten, déi se sollen ausschaffen. Dat sinn Architekten an déi hunn deemno bei där heiter Aarbecht vläicht net onbedéngt déi Prioritéit gesat, déi elo d'Chamber gefrot hätt, well eben déi aner Aarbechte virginn.

Mir komme souwisou net séier genuch no mat allen Aarbechten. Dat ass natierlech och en Element vun deene Projets de loi, déi mer musse virleeë fir eis conforme ze setze mat de Gesetzter vun der Chamber.

Dat sinn awer Prozeduren déi mer akzeptéieren, an ech géif dofir drëm bidden, dass mer eis an Zukunft drëm beméie bei de Programmer méi genee ze sinn a bei der Ausaarbechtung vun engem Programm, sief et fir en Neibau oder fir eng Restauratioun vun engem Albau, fir da vläicht méi Zäit drop ze verwende fir de Programm am Fong auszeschaffen.

Wat de Schoulbau ugeet, hu mer eis eng Prozedur ginn, déi mol eng Saach sécher stellt, dat heescht dass net ëmmer mat neien Iddien ugefaange gëtt an dass net ëmmer nees nei Wënsch während der Planungsphas un de Bauteminister eruedroe ginn. Selbstverständlech ass et fir d'Chamber wichtig, an ech kommen och dem Wonsch vun der Kommissioun no fir all Ännerung, déi um Programm virgeholl gëtt, der Chamber virzeleeën, mä ech muss leider soen, an deene Fäll wou ech elo mat Projets supplémentaires hu misse komme war emol d'Regierung net informéiert, well do sinn einfach Décisiounen a Programmännerunge geholl ginn zwëschenuewerch, kulant wéi dat fréier gemaach ginn ass, an dann hate mer duerno d'Bescherung. Dat ass dann en Devis supplémentaire ginn.

Ech hunn drop gehalen, dass an de Plan sectoriel an den Text expressiv verbis soll dra kommen, dass all Changement de programme muss vun der Regierung genehme ginn, an da kënnt et selbstverständlech och an d'Chamber, well all Changement de programme ass jo meeschtens och e Changement vum Devis.

Ech gi mer also all Méi, Här President, well ech sinn der Meenung mir sinn an engem klenger Land, a grad an engem klenger Land soll et grouss Transparenz ginn. Ech hu keen Interessen drun, dass iergend ee Schiet op eiser Aarbechtsweis hänke bleift. Ech hunn näischt ze verstopen an ech gi mer Méi fir och der Chamber all déi Informatiounen ze ginn déi se brauch a fir och dobaussen der Öffentlechkeet d'Gefill ze ginn, dass mat de Steiergelder spuersam gehandhaabt gëtt an och jidderee riicht ze stoen huet fir dat wat en ausgëtt.

Dat gesot, soen ech natierlech der Chamber merci fir dës Rectificatioun, fir dës Opschaffung vun Altlasten. Ech hoffen, dass ech net allze dack nach mat deenen dote

Problemer muss virun d'Chamber zrëckkommen an dass mer eis da mat där nei Prozedur och kënne esou bewege wéi de Bauteministère dat brauch, dat heescht à la fois flexibel an transparent bis op de leschte Frang.

Merci.

■ **M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmme driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmme iwwert de virleiende Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5063 ass unanime mat 55 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Fred Sunnen), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Norbert Hauptert);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagner.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5017 iwwert zwee Verwaltungsgebaier fir déi europäesch Institutiounen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Graas a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

8. 5017 - Projet de loi relatif à la location avec option d'achat de deux immeubles administratifs destinés aux institutions européennes

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Gesetz 5017, dat d'Chamber haut zur Diskussioun an och zum Vote virlei-

en huet, geet et ëm d'Locatioun an ëm eng Option d'achat vun zwee Gebaier um Kierchbierg.

Et muss een dat alles am Kontext vun der Erweiterung vun der Europäescher Unioun gesinn, eng Erweiterung déi ëmmer méi no réckelt. Si stellt ouni Zweifel e weidere Baustee vun engem géeeenten Europa duer. Si ass historiesch, dat souwuel um Niveau vun der Enverger mat deem Zouwuess vun 105 Milliounen Awunner an enger flächeméisseg Vergrësserung vu 34%, wéi och um Niveau vun der kultureller Diversitéit vun deenen einzelnen Nationen.

Dës Vergrësserung vun der Europäescher Unioun werft selbstverständlech och hire Schiet op den EU-Standort Lëtzebuerg. Et ass aus deem Grond evident fir eist Land, dass mir d'EU-Institutiounen, déi mer hei hunn, un déi bevirtoend Eerausfuerderungen, souwuel um Niveau vun der Erweiterung upasse wéi och um Niveau vun der EU-Présidence 2005.

D'EU-Institutiounen hunn och schonn éischt Demandé virgueluecht, déi d'Regierung opfuerdere fir neien zousätzleche Büroraum zur Verfügung ze stellen. Dofir ass et net onwichtig an och aus sécherheetstechnesche Considérationen eraus sécher noutwendeg, dass dës Gebaier sech onmëttelbar an der Géigend vum Centre de conférences befanne sollen.

Déi europäesch Autoritéite sinn awer momentan net an der Lag fir ze soen, ob se dës Gebaier selwer kafe wëllen oder selwer loune wëllen. Aus deem Grond ass et dofir noutwendeg, dass de Lëtzebuerger Stat als Intermédiaire zwëscht dem private Promoteur an dem Europaparlament fungéiert.

Déi Gebaier, ëm déi et sech an der Saach dréint, sinn déi zwee Bâtiments-tour, déi alle béid 19 Stäck héich sinn a béidsäiteg vun der Avenue John F. Kennedy sech befannen. Si befanne sech onmëttelbar bei der Place de l'Europe mam Centre de conférences a mat der Salle philharmonique Grande-Duchesse Joséphine Charlotte.

D'Europäesch Parlament wëllt dës zwee Gebaier, déi eng gesamt Nutzungsfläch vu 34.166 m² fir d'Büroen an 6.275 m² fir Archiver an technesch Equipementer hunn, gäre lounen. Als Kontenpartie dofir wëllt d'Europäesch Parlament dann de Bâtiment Alcide de Gasperi raumen. Et ass wichtig, dass dës Gebai esou séier wéi méiglech fräi gëtt, fir dass d'Renovierungsaarbechten an den Ausbau vum Centre de conférences esou schnell wéi méiglech ofgeschloss kënnen ginn. Dat Ganzt ass och am Intérêt vun der Regierung déi, wéi gesot, 2005 d'Présidence vun der EU assuméiere muss, an dofir d'Bauaarbechten esou séier wéi méiglech och fäerdeg stelle muss.

Wat de finanziellen Aspekt ubelaangt, esou muss ee festhalen, dass esouwuel de Loyer wéi och den Akafspräis vun deenen zwee Gebaier déi gesetzlech fixéiert Limite aus dem Artikel 99 vun der Constitutioun an dem Artikel 80 vum Kontabilitéitsgesetz iwwerschreiden. De järeleche Loyer, deen, muss ee soen, relativ héich ass, beleeft sech op ronn 13,25 Milliounen Euro, Loyer, deen iwwer e Kredit vum Finanzministère bezuelt gëtt.

D'Regierung ass doriwwer eraus duerch dës Gesetz awer och habiliteiert dës Gebaier ze kafen. Am Fall vu Kaf vun de Gebaier lafen d'Käschten iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs. En vue vun deem awer héije Loyerspräis ass et wichtig, dass eng Option d'achat besteet, eng Option d'achat déi och am Contrat de bail festgehalten ass. De méigleche Kafspräis ass och scho fixéiert. D'Tour A kascht entweder 81,5 Milliounen oder 79,2 Milliounen Euro, jee nodeems ob de Stat d'Option d'achat no sechs Joer

oder no néng Joer Locatioun benotzt. 91 oder 82,5 Milliounen ass de Kafspräis no zwee, respektiv no néng Joer Locatioun fir d'Tour B.

D'Finanzkommissioun ass ausserdeem der Meenung, dass et wichtig an och richtig wier, nodeems d'Regierung décidéiert hätt fir déi Gebaier ze kafen, dass dës Projet och an de Programme pluriannuel géif integréiert ginn.

Här President, de Projet ass den 23. August. 2002 vum Budgetsminister Luc Frieden an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 8. Oktober ofginn. An der Sëtzung vum 24. Oktober ass de Rapporteur genannt ginn. De Projet de loi mam Avis vum Conseil d'Etat ass an der Sëtzung vum 19. Oktober analyséiert ginn. D'Kommissioun huet sech mat deene verschiddenen textuellen Ännerungsvorschläi vum Statsrot d'accord erkläert.

D'Kommissioun huet en Amendement fir den Artikel 2 adoptéiert, dee vum Statsrot a sengem Avis complémentaire de 14. Januar 2003 guttgeheescht gouf. De schrëftleche Rapport ass an der Sëtzung vum 7. Februar analyséiert an och ugeholl ginn.

Ech wollt nach kuerz op den Artikel 2 vum Gesetzesprojet agoen, deen a senger initialer Form dem Conseil d'Etat net explizit genuch war, wat eng eventuell Adaptatioun vum Loyer ubelaangt. D'Kommissioun huet dës Observatioun vum Statsrot Rechnung gedroen an den Text deementspreechend och amendéiert.

D'Kommissioun hat och d'Geleeënheet, fir mat Verrieder aus dem Ausseministère iwwert d'EU-Sëtzproblematik ze diskutéieren. De Comité de Coordination aus dem Ausseministère huet op den Ennerscheid tëscht den EU-Institutiounen, déi hire Sëtz d'office zu Lëtzebuerg hunn, an de communautairen Agencen, déi zu Lëtzebuerg usäseg sinn, opmierksam gemaach. Eng ganz Rei vu Memberstate beméie sech intensiv drëm déi sougenannten Agencen an hir Länner ze kréien. No den Aussoen awer vum Comité de Coordination kann et duerchaus méiglech sinn, datt an de kommen-de Jore méi Personnel communautaire op Lëtzebuerg kënnt. Doriwwer eraus ass preziséiert ginn, datt Lëtzebuerg drëm beméit ass fir datt keng Sessiouen vum Conseil op Bréssel transferéiert muss ginn, och wann am Moment äifreg un deene verschiddene Gebaier um Kierchbierg geschafft gëtt. Zu deem Zweck also, fir datt keng Sessiouen op Bréssel transferéiert muss ginn, sinn an de Foireshale provisoersch Infrastrukture virgesinn, fir e reibungslosen Oflaf vun de Conseilen ze garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet huet u sech zu kenge grësseren Observatiounen an der Finanzkommissioun gefouert. Ech bidden dofir d'Chamber de Gesetzestext esou ze stëmme wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass. Mam Accord vun der CSV-Fraktioun schléissen ech da meng Interventioun a soen all de Kolleeginnen a Kolleegen, déi hei waren, merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, dësse Projet schreift sech an de Kader vun der Lëtzebuerger Sëtzpolitik fir europäesch Institutiounen an. Wann een an den Detail dovunner kucke geet, da mierkt ee munch Inkoherenzen a munch Onklarheeten.

De virleiende Projet huet jo dann, dat ass ons vum Här Rapporteur Clement gesot ginn, als Objektiv, datt de Lëtzebuerger Stat fir d'Europaparlament zwee Tierm un der

Porte de l'Europe lount, an dobäi spillt also de Stat Intermédiaire tëschent dem Propriétaire an dem Europaparlament. D'Noutwendegkeet huet sech dofir erginn, well d'Europaparlament dat net wollt matmaache wat de Lëtzebuurger Stat fir d'éischt wëlles hat. Dir erënnert lech nämlech bestëmmt drun, an dofir sinn ech och frou datt d'Madame Hennicot hei ass, datt mer de 27. Juni 2001 hei an dëser Chamber de Projet 4771 iwwert den neie Centre de conférences diskutéiert hunn. Deemools huet de Rapporteur vun der Chamber, onse gudde Kolleege, den Här Willy Bourg, dee mer de Mëtteg hei gééiert hunn, a sengem Bericht erkläert, fir dee Centre de conférences ze baue misst d'Europaparlament aus dem Bâtiment-tour erauszéien a fir déi ongeféier 800 Beamten ënnerzebrénge géif dann de Bâtiment administratif Kirchberg, och BAK genannt, vergréissert ginn. Bis dat kënnt geschéien, misst d'Europaparlament ee vun deenen zwee Tiern lounen, déi ufanks 2002 sollt gebaut ginn a vun deene mer hei schwätzen.

Onse Rapporteur hat deemools gemengt, an ech huelen un dat war opgrond vun Informatiounen, déi e jo dann aus dem Bauteministerium huet misse kréien, datt dat eng reng privat Operatioun géif ginn, mat där de Lëtzebuurger Stat näischt ze dinn hätt, weder iwwert de Budget nach iwwert d'Loi de garantie. Dat huet sech als falsch erweisen. Dëse Projet ass de Bewäis dofir.

D'Europaparlament huet dat net matgemaach wat de Lëtzebuurger Stat et do wollt maachen dinn. Ech hat dat iwwregens schonn am Juni 2001 bei der Debatt hei virausgesot. An dat wat d'Regierung ons deemools hei erzielt huet war falsch, Här President, an och net seriö virbereet.

Ech hunn elo, wéi ech déi Dokumenter all gekuckt hunn, och constatéiert, datt d'Finanzkommissioun am Kader vun deemem Projet mam Generalsekretär vum Ausseministère, dem Här Georges Santer, geschwat huet an eben och iwwert d'Sëtzipolitik eng Aussprooch hat. Et goufen do eng Partie Froe beäntwert, déi ech schonn am Juni 2001 am Kontext vun der ganzer Classe de l'Europe opgeworf hat. Et bleiwen der allerdéngs nach eng Partie op, déi ech elo wëllt opwerfen a wou ech frou war wann d'Regierung mer géif eng Äntwert dorobber ginn.

Éischtens eng Fro, déi mat deemem Projet natierlech beäntwert gëtt, ass, datt d'Europaparlament déi zwee Tiern besetze wëllt an net een, wéi dat am Juni 2001 hei vun der Madame Bauteminister gesot ginn ass. Ech hat deemools zweemol nogehaakt an d'Madame Hennicot hat deemools geäntwert, an ech zitieren de Compte rendu, Sait 2273: „Op jidde Fall, fir d'Europaparlament ass déi Plaz, déi et brauch, virgesinn an engem Tuerm.“

Ech hunn elo awer néierens gesinn an de Viraarbechten, och net an den Diskussiounen an der Kommissioun, firwat datt de Stat elo muss zwee Tiern lounen an net nëmmen een. Well schonns am Juni 2001 war bekannt, datt d'Europaparlament duerch d'Erweiderung méi Beamte kréich, an et war och bekannt, datt et ongeféier 400 Iwwersetzer an der Haaptsaach wären. Dobäi muss een och soen, wa mer iwwert d'Sëtzipolitik schwätzen, Här President, datt jo andauernd Beamte vu Lëtzebuerg no Bréissel ofgezu ginn, souwuel aus dem Europaparlament wéi och zum Deel aus der Kommissioun. Well all Kieler wann e President vum Europaparlament op Lëtzebuerg op Besuch kënnt, ass et fir d'Lëtzebuurger Regierung ze froen, fir weider Beamte vu Lëtzebuerg op Bréissel ze transferéieren.

Ech erënneren drun, wéi d'Madame Fontaine am Joer 2001 laanscht komm ass, huet d'Regie-

rung kuerz duerno weider 99 Beamte vum Europaparlament op Bréissel zéie gelooss. An datselwecht ass elo erëm amgaangen. Dat musse mer och wëssen, besonnesch fir d'Europaparlament. D'Europaparlament wëllt nämlech déi eenzeg nach iergendwéi politesch interessant Generaldirektioun 4, Etudes et Recherches, déi et nach hei gëtt, vu Lëtzebuerg no Bréissel ofzéien. Dat sinn 174 Beamten, a fir dat méiglech ze maache soll déi Generaldirektioun opgeléist ginn an an d'Generaldirektioun 2 integréiert ginn. Ech hu constatéiert, datt och eminent Europadeputéierte vun de Majoritéitsfraktiounen, d'Madame Flesch an d'Madame Lulling, sech dogéint staark gemaach hunn. Dofir wollt ech dat hei och nach eng Kieler ënnersträichen.

Op jidde Fall, Här President, hätt ech gär wann d'Regierung ons géif soen, chiffres à l'appui, firwat mer entgéint hirer urspünglecher Absicht zwee amplaz een Tuerm musse lounen? Et wier also a mengen Aen eng wichteg Fro, well et muss een dat jo och am Kader vun der ganzer Bautepolitik an der Sëtzipolitik gesinn. Et geet Rieds an den Explikatiounen vum Projet vu Bâtiments tampon, also Puffergebaier, déi ee kënnt gebrauchen, wann emol eng Kieler Nout um Mann wäen vue vun der Erweiderung. Et misst een ons dann awer soen, ëm wat fir Institutiounen et sech dobäi handelt. Handelt et sech zum Beispill ëm d'Kommissioun? Oder huet d'Kommissioun bis elo manifestéiert fir weider Gebaier ze kréien? Ech hunn net Kenntnis dovunner, well d'Kommissioun huet nach viru kuerzem gesot, de Bâtiment Jean Monnet géif duergoen.

D'europäesch Cour des Comptes baut selwer hir Gebaier um Kierchberg. D'Cour de Justice huet effektiv Besoinen. Ass et da fir déi? Dat wär interessant ze wëssen. D'Banque Européenne d'Investissements ass och amgaange sech selwer ze vergréisseren an et wär also interessant ze wësse wéi déi gesamt Sëtzipolitik, wat de Bau ugeet, do steet, a wat een ënnert deene Bâtiments tampon versteet?

Eng weider Fro, Här President, ass déi vum Timing. Et gouf ons am Juni 2001 hei gesot, den neie Centre de conférences, also dee grouse Sall mat 1.000 Plazen, misst fir d'Présidence vun 2005 fäerdeg sinn. Dofir misst de Bâtiment-tour bis spéitstens 2003 eidel ginn. Et gouf ons och gesot, datt dësen Timing anzehale wär, an d'Madame Bauteminister hat och am Juni 2001 versprach ons de geneën Timing zoukommen ze loosse, fir datt d'Chamber ka gesi wéi dat soll oflafen, well dat ass jo eng extraordinär Vitesse, mat där de Stat hei géif op eemol rise Gebaier bauen.

Dat ass allerdéngs bis elo nach net geschitt. Ech liesen och elo am Bericht - an den Här Clement huet et jo éinescht gesot -, dass d'Regierung eng provisoresch Struktur an de Foiré virgesäit, fir d'Sëtzunge vum Ministerrot zu Lëtzebuerg ënner ze bréngen, während deem de Centre de conférences ëmgebaut gëtt.

Ech wär frou wann d'Regierung ons hei kloer an däitlech géif soen, ob si hiren Timing fir dee Centre de conférences anhalen kann an ob dat bis 2005 fäerdeg gëtt. Well ech hunn dat ongutt Gefill, dass déi provisoresch Struktur och emol eng Kieler fir d'Présidence kéint hierhalen.

Eng drëtt Fro stellt sech och am Zesummenhang mam Bâtiment Schuman. Vläch ass eng Erklärung - ech weess et net, mä d'Madame Minister kann ons dat soen -, dass d'Europaparlament déi zwee Tiern wëllt, dass de Bâtiment Schuman soll méi schnell fräi gi wéi dat geplangt ass, well bis elo ass nach ëmmer nëmme vum Bâtiment Schuman à moyen terme geschwat ginn, well dat jo dat Gebai ass, wat mer fir d'Nationalbibliothék virgesinn, an dofir hunn ech

mech gewonnert, dass vun deem Bâtiment Schuman iwwerhaupt keng Rieds géing.

Eng véiert Fro wollt ech och nach an deemem Zesummenhang iwwert deenen neie Centre de conférences stellen. D'Regierung huet sech hofentlech Gedanke gemaach, wéi een dee risegen Neibau, dee just dräi Méint am Joer wäert besat ginn duerch d'Sëtzunge vum Conseil des Ministres, während deem Rescht vun der Zäit kann animéieren.

Här President, dat Gesetz, wat mer hei virun ons leien hunn, huet zwee Voleten. Den éischte Volet ass d'Locatioun, déi de Stat fir d'Europaparlament mécht. Den zweete Volet ass d'Autorisatioun fir d'Regierung déi Gebaier iergendwann ze kafen; ech soen iergendwann ze kafen. Dës Autorisatioun ass e Blankoscheck fir d'Regierung.

Mir kënne mat esou enger Prozedur, Här President, net d'accord sinn. Mir mengen dass d'Regierung, fir de Fall wou se dat Gebai wëllt kafen, misst erëm op en Neits virun d'Chamber kommen, fir déi Autorisatioun ze kréien. Mir mengen net dass d'Regierung kann an engem Gesetz fir d'Locatioun op eng Zäit X eraus eng Autorisatioun froen, fir e Gebai ze kafen.

An ech fannen dat och eigentlech an der augenblécklecher Situatioun net ganz glécklech. Well mir wëssen dass d'Präisser vum Büroraum amgaang sinn zu Lëtzebuerg ze évoluéieren. Et fänt un en trop plein vu Büroraum ze ginn, a fir elo ze soen, de Plaffong fir de Präis fir den Achat vun deene Gebaier ass deen, dee mer am Gesetz festgesat hunn, entzéit der Regierung am Fong geholl eng ganz Partie Handlungsspillraum, fir dee Fall wou se dat eventuell eng Kieler wëllt kafen.

Aus deenen Ursachen, Här President, souwuel wat déi Prozedur ugeet fir sech d'Autorisatioun, fir esou e Gebai ze kafen, op Jore viraus autoriséieren ze loosse, wéi och wat déi Onkloerheeten ugeet, déi an deem Dossier am Zesummenhang souwuel mat deenen Tiern wéi och mat deem Centre de conférences an der Onkohärenz vun där ganzer Prozedur säit 2001, ass meng Fraktioun net d'accord fir dese Projet ze stëmmen. Mir fannen dass een am Kader vun der Sëtzipolitik an och besonnesch vun der Bautepolitik, wat d'europäesch Institutiounen ugeet, méi Kloorheet soll schafen, méi wäit virus planzen an dann och méi Kohärenz an deem Plangen un den Dag leeën, an dofir wäert meng Fraktioun géint dese Projet stëmmen.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

■ M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem Ufank vum europäeschen Eenigungsprozess, viru méi wéi engem halwe Jorhonert, hat d'Sëtzfro vun deenen eenzelnen Institutiounen jo ëmmer nees Ulass zu Diskussiounen ginn. Dobäi geet et un éischer Linn ëm déi verschidden Aarbechtsiten, och wann natierlech eenzelner duerch Vertrag festgeluecht sinn.

Et ass natierlech evident, datt mat der Implantatioun vun enger europäescher Institutioun an enger Stad, respektiv an engem Land, domadder och en héije Prestigewäert verbonnen ass. Déi beschte Beispiller si jo ënner anerem Stroossbuerg oder Bréissel, déi ouni Zweifel un Attraktivitéit gewonnen hunn, duerch eben d'Implantatiounen ënner anerem och vum Europaparlament.

Mä och Lëtzebuerg, muss ee soen, huet jo ouni Zweifel en zousätzleche Stellerwäert krut, eben och duerch d'Implantatioun vun enger Rei vun europäeschen Institutiounen, respektiv Servicer, sief dat zum Beispill d'BEI, den Europäesche Rechnungshaff, den Office des Publications oder d'Cour européenne de Justice, fir nëmmen déi ze nennen. An dann därerf ech awer och net vergiessen, datt déi Bauten, déi Servicer, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert ginn, awer mat Sécherheet och e positiven Impakt op d'Ekonomie hei an eiselem Land hunn.

Et ass och net ze verkennen, an et ass jo och schonn hei vum Här Fayot ugeschwat ginn, datt et natierlech ëmmer erëm Spannunge gi sinn zwëschent der Kommissioun engersäits an der Regierung anersäits, haaptsächlech ebe wat d'Ofbaue vun europäeschen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. An d'Kommissioun huet do och gewësse Virstellungen, déi jo och net ëmmer am Intérêt vun eiselem Land sinn.

Mä ënner anerem hu jo awer och d'Gewerkschaften et fäerdeg bruecht, datt an deene leschte Jore quasi keng Plazen hei zu Lëtzebuerg ofgebaut gi sinn. Trotzdeem musse mer awer als Land ëmmer vigilant bleiwen, well jo awer den Drock ëmmer do ass, fir awer weider Aarbechtsplaze gegebenenfalls hei zu Lëtzebuerg ofzezéien.

Zënter e puer Deeg ass et jo och offiziell, datt mer awer 460 nei Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg kréien. Dat jo ebe bedéngt duerch d'Emstrukturéierung vum Iwwersetzungsdingesch, a mat där neier Direktioun A vun der Traductioun soll jo och u sech eng dauerhaft Presenz vun deem Service hei zu Lëtzebuerg garantéiert ginn.

Dat ass mat Sécherheet eng gutt Noriicht, an et soll een och hei d'Regierung fir hiert Verhandlungsgeschéck duerfir nach eng Kieler nodréiglech félicitéieren. Ech wëll vlächit hei just nach drun erënneren, datt et sech iwwregens beim Iwwersetzungsdingesch vum der Kommissioun ëm ee vun deene Gréisste vun der Welt handelt. Jiddefalls konnt een dat mol an engem Artikel am Lëtzebuurger Wort noliessen, den 19. Juli 2002, wou de Generaldirekter Michel Van den Abeele gesot huet, datt 2001 zum Beispill 1.268.255 Säite produzéiert gi sinn, an datt dee ganzen Dingesch ronn 220 Milliounen kascht hätt; dat beweist also d'Envergure ouni Zweifel vun deem Iwwersetzungsdingesch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch de Bau vun deenen zwee Immeublen, vun deenen Tiern, déi jo am Fong geholl haut den Objet vun deem Projet de loi sinn, wäert net nëmmen d'Silhouette um Kierchberg sech verännere, mä et kann een awer och soen, datt den europäesche Quartier do uewen um Kierchberg weider zementéiert gëtt. Vum architektonesche Standpunkt hier kann ee roueg soen, datt et eng gelongen Investitioun ass, an datt dee Bau vun deenen Zwillingstierm och eng Beräicherung vum Kierchbierger Plateau ass. Et kann een elo, wéi gesot, als eng Zort Entréesdier zu dem Plateau och gesinn.

Bedéngt awer och duerch déi Gréisst vun deenen zwee Gebaier - si ëmfaasse jo ëmmerhin 19 Stäck - soll een awer och hei nach eng Kieler op de Sécherheetsaspekt hiweisen, dee jo ouni Zweifel net därerf négligéiert ginn. Am Hibleck op d'EU-Erweiderung, déi sech jo spéitstens den 1. Mee 2004 ganz grouss bemierkbar mécht - an et ass jo virun och schonn hei ugeschwat ginn -, ass et natierlech evident, datt mir als Land deemmuse Rechnung droen, well an engem gudde Joer si mer, wéi gesot, zu 25, an nach kee kann ofgesi wéi wäit dass d'Europäesch Unioun sech och nach weider wäert entweckelen.

Wa mir also wëllen als Land - an ech gi jo dovunner aus datt mer dat wëllen - um europäesche Plang weiderhin eng gutt Figur maachen, dann ass et och wichteg datt mer fir déi néideg Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg suergen. An dann därerf ee jo awer schlussendlech och net vergiessen - et ass schonn hei ënnerstrach ginn -, datt eist Land am Joer 2005 jo erëm eng Kieler d'Présidence iwwerhëlt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech ass dee Coût vun 13,5 Milliounen Euro d'Joer en héijen Ausgabepunkt, trotzdeem ass d'Demokratesch Partei allerdéngs der Meenung, dass dës Investitioun ouni Zweifel gerechtfäerdiget ass. D'Zukunft vun eiselem Land kann nëmmen an engem vereenegten Europa leien, an dofir solle mir och weiderhin Ustrengungen als Land maachen, fir datt eben europäesch Verwaltungen hei zu Lëtzebuerg adequat Infrastrukture virfannen. A mat der Locatioun vun dësen zwee Tiern droe mer deem och ouni Zweifel Rechnung, onofhängeg dovun datt se, wéi gesot, och dozou dëngen, fir an där Period, wou eben de Centre de conférences internationales renovéiert gëtt, eben deen Transfert vun de Beamten deementspreechend och ze erlaben.

Ech wëll ofschléissend dem Rapporteur Lucien Clement nach eng Kieler merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht a brénge selbstverständlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deemem Projet.

Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll uganks dem Kolleege Lucien Clement merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen hien eis haut zu deemem Projet virgedroen huet, wat d'Locatioun respektiv d'Méiglechkeet vum Ukaaf vun deenen zwee Touren um Kierchberg vum Lëtzebuurger Stat ubelaangt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen et stellt keen a Fro, dass mer als Lëtzebuerg, als ee vun deenen dräi Siten, wou déi europäesch Politik sech ofspillt, ons mussen en mesure setzen, fir dass, wann déi Europäesch Unioun elo déi Erweiderungen erlieft, mer dann och adequat Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg schafen, fir eben eiser Roll als eng vun den europäeschen Haaptstied och an Zukunft gerecht ze ginn.

Wat eis awer ze bedenke gëtt, dat ass d'Prozedur déi hei gewielt ginn ass, an där mer iwwert dese Projet eis Zoustëmmung solle ginn, wat awer net vun eiser Säit aus geschéie wäert. Déi Prozedur déi hei gewielt ginn ass, ass eng déi mer an där doter Form am Prinzip net esou richtig hei kennen, wou de Stat am Fong zwee Gebaier a Locatioun hëlt a sech dann d'Méiglechkeet gëtt, esou wéi et am Bail festgehale ginn ass, no sechs respektiv néng Joer déi Gebaier kafen ze kënnen.

Et stelle sech eng ganz Rei vu Froen, déi mer och bei dëser Geleeënheet un eis Ministesch stelle wëllen, an déi net aus dem Rapport ervirginn, och net aus dem Exposé des motifs ervirginn, zum Beispill: Wien ass de Propriétaire am Ableck vun deem Gebai? Mat weem mécht de Stat dee Contrat de bail? Wiem huet de Propriétéitsterrain, wou dat Gebai drop gebaut ginn ass, gehéiert a wien huet et haut an der Propriétéit? Et stellt sech d'Fro: Wéi ass de Marché ofgehandelt ginn? Mir si gewinnt, dass mer, wa mer öffentlech Gelder ausginn, iwwert d'Marché-publics-Gesetz fueren. Hei ass eng Méiglechkeet ge-

schafe gi fir dat Gesetz ze ëmgoen.

Wéi sinn d'Präisser gerechent ginn? Wéi sinn Devisé gefrot ginn? Wéi ass d'Selektioun getraff ginn? Wie war den Optraggeber? Wien huet d'Selektioun getraff, wat fir eng Entreprise déi Konstruktoun do kënnst bauen? D'Fro stellt sech doriwwer eraus wéi d'Loyere berechent gi sinn. Mir kennen hei am Land Bestëmmungen, wat d'Loyerspräisser ubelaangt. Mir wëssen, dass dat heiten enorm héich Loyerspräisser sinn, déi hei bezuelt ginn. D'Fro stellt sech: Wéi ass et mat enger Ofsécherung vun der Locatioun vun der europäescher Kommissioun oder dem Parlament, ob dat Gebai hei och wierklech gelount gëtt, ob et integral gelount gëtt?

Une voix.- Et misst eng schréfflech Zouso do leien.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et misst eng schréfflech Zouso do leien. Dat sinn also e ganze Koup Froen, déi sech bei dësem Projet stellen, wou den Exposé des motifs einfach keng Antworten drop gëtt. D'Fro stellt sech och, dass, wa mer wëssen dass mer elo ronn an ale Frange bal eng hallef Milliard d'Joer Loyer bezuelen an de Stat dann no sechs respektiv néng Joer dat Gebai kafe wëllt, de Stat dann nach quasi siwen, aacht Milliarden op den Dësch leeë muss fir et kafen ze kënnen: Sinn dat da Präisser, déi vun Ufank u vum Stat mat kontrolléiert gi sinn?

Mir mussen och wëssen, dass dat heiten eng zousätzlech verstoppte Schold ass, déi de Stat hei engagéiert, déi mer awer néirens als eng Schold opféieren. Mir bezuelen en héije Loyer, wou mer also déi zukünfteg Budgeten domat engagéieren, mä mir soen net dass dat eng Schold ass, déi de Stat am Fong hei engagéiert huet. Mir wëssen och net a wat fir enge Fongen d'Regierung déi Kreditter virgesinn huet fir eventuell no sechs respektiv néng Joer dat Gebai do kafen ze kënnen. Et ass also eng Virwëtz-tut, déi mer hei stëmmen.

M. Lucien Clement (CSV). - Déi Décisioun muss jo eréischt geholl ginn.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, mä...

M. Lucien Clement (CSV). - Hei ass jo just d'Méiglechkeet opgefouert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Hei gi mer der Regierung d'Méiglechkeet fir dat ze maachen, duerfir musse mer och froen, wou d'Regierung dann déi Sue géif hierhuelen, wa se dat géif maachen. Et sinn op jidde Fall bis elo keng Fongen, esou wäit wéi mer bis elo d'Fonge kennen, virgesi fir déi doten Investitiounen ze maachen. Et sinn also eng ganz Rëtsch vu Froen, déi sech hei stellen a fir déi mer keng Explicatiounen an de Rapporte fannen, a mir hunn och bis elo keng gehéiert. Mir wieren dofir frou, wann d'Madame Minister eis kéint Antworten op all déi Froen do ginn. Op jidde Fall kann eis Fraktioun hir Zoustëmmung ouni zoutreffend a kloer Antworten zu dësem Projet net bréngen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch vun den öffentlichen Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, ech sinn eigentlech net de Gesprächspartner vun der Finanzkommissioun, mä ech sinn hei a Verriedung vun deemselwechten. Et ass vläicht bei dëser Debatt och justifiéiert, well de Bauteminister an de Bauteministère hu jo mat all deene Froen vum Siège vun den europäesche Gemeinschaftsinstitutionen onheemlech vill ze dinn. Et ass e

komplexen Dossier. Ech hunn eigentlech bedauert, dass mer net d'Geleeënheet hate fir an der Kommissioun op verschidde Froen am Virfeld ze äntwerten, an dat mat den Expäre ronderëm.

Ech weess, dass d'Politique du siège d'Politik vum Statsminister ass. Et ass Chefsache. Et ass un éischter Plaz Chefsache, dofir wäert ech mech hidde fir mech an déi Politik eran ze beginn. Ech si just confrontéiert mat dem Besoin u Gebai, an do ass dann natierlech de Bauteminister gefuerdert. Kuerzfristeg muss ech soen, well allze vill Plangen hate mer net do leie wéi ech 1999 an dee Ministère komm sinn. Et huet sech also erginn, dass déi ganz Politique du siège zesummenhängt mat der Bereetstellung vun Infrastrukture fir déi jeeweileg europäesch Partner. Ech wëll direkt am Virfeld op dat agoen, wat hei esou ënnerschwellig an de Raum gestallt gëtt. Déi lescht Interventionsriedner hu sech jo duerchaus bekannt zu den europäeschen Institutionen, mä awer d'Fro vum Käschtepunkt a vum Loyer a vun all deene Froen, déi ronderëm sinn, opgeworf. Ech mengen, alles huet säi Präis, an eng Politique du siège huet och fir Lëtzebuerg hire Präis a Käschtepunkt. Dat musse mer wëssen.

Wann a puncto Loyer den Dossier net méi hiergëtt wéi am Exposé des motifs steet, dann ass dat ganz bestëmmt aus emol engem Grond, deen ech perséinlech kennen, dat ass dass mer stänneg amgaange si mat deenen Institutionen ze verhandelen an dass mer jo iergendwann och hoffen, dass se de Loyer selwer bezuelen. Dat emol gesot, ass natierlech den Zäitpunkt elo fir mech net ginn, fir do méi bindend Aussoen ze maachen a fir vun deene Verhandlungen, ier se definitiv ofgeschloss sinn, ze schwätzen, well mir hunn elo e bëssen d'Fro gestallt vun allen Institutionen, woubäi et jo och nach Ennerscheeder gëtt tëschent deenen engen an deenen aneren.

Ech hu bei deene finanzielle Froen et vläicht am léifsten, wann d'Finanzkommissioun sech un de Finanzminister wennt fir déi dote Froen ugeet, déi den Här Fayot opgeworf huet, esou wäert ech mer elo Méi gi fir aus deem ganze Puzzle, deen dat jo um Kierchbiereg duerstellt, eenegermoosse kloer Antworten drop ze ginn.

De Centre de conférences ass gestëmmt ginn am Joer 2001 a mir hunn nach ëmmer d'Perspektiv fir 2005 mat dësem Bau fäerdeg ze sinn. Dir wësst dass, wann een amgaangen ass ze bauen a soubal ee seet mir ginn net fäerdeg, jiddferen nolléisst. Mir halen de Kapp fir 2005. Mir ginn eis all Méi fir mat deem Gebai do fäerdeg ze ginn, fir dee Moment de Konferenzen, déi mer am Kader vun eiser Présidence hunn, déi néideg Lokalitéite kënnen zur Verfügung ze stellen.

(Coups de cloche de la Présidence)

D'Erneuerung vum Centre de conférences bedingt, dass mer en Deel vum Europaparlament musse transferéieren.

De grouse Projet fir d'Europaparlament war deen, dass mer d'Gebai Konrad Adenauer géifen ausbauen. Mir sinn och do mam Europaparlament zu enger Konkusioun komm, dat heescht mir hunn e konkrete Projet fir dat Gebai auszubauen, an dee Projet ass amgaangen ausgeschafft ze ginn, mä mir brauchen awer eng Zwëschesléisung. De Punkt ass nun emol deen, dass d'Europaparlament eis 28.000 m² gefrot huet. Dat ass fir dat wat bäikënn plus dat wat am Centre de conférences am Tuerm muss libéréiert ginn. Ergo brauche mer dofir déi zwee Tiern.

Wann hei Mëssverständniss sinn duerch eng Ausso, déi ech sollt gemaach hunn, wann déi an deem Ablack net richtig war, da rectificéieren ech dat. Mir hunn an dë-

sem Ablack 28.000 m² gefrot kritt. Mir hunn dofir déi Léisung mat deenen zwee Tiern virgesinn, déi zwee Tiern, wou deen een der Société Giorgetti gehéiert an deen aneren enger Sociétéit, déi Vazon heescht. De Stat ass mat deene Sociétéiten a Verhandlung fir eng Mise à disposition ze kréien. Mir hu gesinn, déi Tiern si relativ séier gebaut ginn, esou séier hätt de Stat ganz sécher net gebaut, a mir hunn nun eemol eng Méiglechkeet fir um Site vum Kierchbiereg a vun der Place de l'Europe dem Europaparlament dat zur Verfügung ze stellen, wou et och zefridden dermat ass, a wou mer kënnen - dat wat den Här Fayot richtegerweis Bâtiment tampon genannt huet - domat eng Zäit iwwerbrécken.

Wat d'Cour de Justice ugeet, do wäert an dësen Deeg de Chantier ugoen, a mer wäerten och do eng Iwwergangszäit musse virgesinn, well mer mat deenen Tiern eréischt kënnen ufänken, wann de Laboratoire vun der Kommissioun transferéiert ass. Dee gëtt transferéiert an e Gebai wat sech op der Kockelscheier befënnt, a mer kënnen dann definitiv mat dem Bau vun deenen Tiern, déi fir d'Cour de Justice virgesi sinn, ufänken. Dofir elo déi Zwëschesléisung fir proviso-resch déi Gebai um Boulevard Konrad Adenauer derbäi ze setzen, fir déi néideg Raimlechkeete fir d'Besoinen vun de Jungen ze hunn.

Dat alles muss an engem kuerzen Zäitraum geschéien, an do ass esouwuel de Fonds du Kirchberg wéi och de Bauteministère amgaang äifereg drun ze schaffe fir d'Délaie kënnen anzehalen.

Wat elo de Centre de conférences ugeet, do hu mer natierlech eng Iwwergangsléisung misse siche fir déi Conseilen, déi am Hierscht vun dësem Joer hei zu Lëtzebuerg solle stattfannen. Déi Iwwergangsléisung, déi soll am jéztege Foiresgebai an Zesummenaarbecht mat der Foire fir déi Sitzung stattfannen, fir dass mer och do net a Gefor kommen, dass mer eng Kéier ee Conseil net kënnen hébergéieren.

Wat elo de Bâtiment Robert Schuman ugeet, huet den Här Fayot gemengt, ob déi Tiern eventuell domat ze dinn hätten. Dat ass net de Fall. De Bâtiment Schuman, dee soll besat bleiwe vum Europaparlament bis den Ausbau vum BAK fäerdeg ass. Mir rechnen, dass dat ongeféier am Joer 2007 ass. Mir lancéieren awer elo schonn de Projet de concours d'architectes fir de Bâtiment Robert Schuman an eng nei Nationalbibliothéik ëmzewandelen, fir dass mer an deem Ablack, wou d'Parlament dëst Gebai fräi mécht, dann och kënnen direkt mat den Aarbechten ufänken.

Dat gesot, ass bei där doter Analys keng Referenz op d'Kommissioun gemaach, well och d'Kommissioun huet Projeten hei zu Lëtzebuerg. Do ass dann nach ëmmer de Bâtiment Jean Monnet, deen och op deem dote Site zur Verfügung ass. Et ass also an enger Hisiicht eng komplizéiert Operatioun, déi sech awer dann l'ordre mécht, well jiddferee sech d'Méi gëtt de gréisseren Intérêt vun der Saach ze gesinn, an de gréissten Intérêt vun der Saach, dat ass leschten Enns deen, dass mer, wéi jo hei all d'Deputéierte betount hunn, eng Politique du siège maachen, déi eng authentesch Entwécklungspolitik vu Lëtzebuerg ass, well mer wëssen, mer kréien domat Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg, mer kréien domat Leit heihinner déi consommeieren, a mir hunn dofir och Interessen ze investéieren, fir déi Leit hei ze halen a fir se zefridden ze stellen.

Wann elo gemengt gëtt, déi Operatioun déi wär vum Finanztechnischen hier net ganz an der Rei, do mengen ech, mir froen hei d'Autorisatioun vun der Chamber fir gewëssemoossen eng Location-vente ze maachen. Mir wëssen, dass loune fir de Stat ëmmer eng Operatioun ass déi deier ass, dass de Stat wéineg Propriétaire ass vu Gebai, dass ganz oft Ministère a gelounte Gebai sëtzen an dass am Fong d'Politik, déi de Minister Frieden an där doter Bezéiung gemaach huet, déi éischter war ze kafe wéi ze lounen. Dofir ass och hei déi Perspektiv an d'A gafaasst. Wa mer elo een deiere Loyer musse dofir bezuelen, solle mer eis dann net och d'Optioun oploosse fir dat ze kafen.

Et ass awer allerdings au vu vun der Evolutioun vun de Bürosraim, déi zur Verfügung sinn, déi net besat sinn, eng richtig Iwwerleeung fir virslichteg an där doter Bezéiung ze sinn a fir net onbedingt direkt dann d'Optioun vum Kaf ze huelen. Dat ass jo och net esou hei am Projet de loi virgesinn, well et ass jo expressis verbis vum Rapporteur, deem ech och nach wëll hei merci soe fir seng gutt Aarbecht, gesot ginn, dass och d'Regierung nach eng Kéier misst déi Décisioun fir ze kafe confirméieren, esou dass hei d'Chamber eng Autorisatioun gëtt fir ze lounen, woubäi natierlech de Montant dee vun engem Contrat de location ouni Gesetz jo iwwersteigt, an dat och de Sënn vun dësem Projet de loi war.

Här President, ech sinn awer gär bereet, a wann ech dat sollt net gemaach hu wat ech versprach hat beim Vote vun dem Centre de conférences vun der Cour de Justice, fir an d'Kommissioun ze komme mat de Pläng a mat den Expären derbäi, fir nach eng Kéier der Chamber Opschloss ze ginn iwwert déi dote komplizéiert Operatiounen, déi um Kirchbiereg stattfannen, wat och méi wéi een Interlocuteur fuerdert, an dofir ass jo och dee Comité de coordination regelméisseg zesummen, wou den Ausseministère mat dran ass, de Finanzministère, de Bauteministère an och de Fong vum Kirchbiereg.

Ech géif net gären héieren, dass mer eng Politik vun Onkohärenz oder vun dem Onklare géife maachen. Et ass eng komplizéiert Operatioun, Här Fayot, Dir wësst dat, an ech denken dass och hei d'Regierung keen Intérêt drun huet fir mat hirem Wëssen hannert dem Bierg ze halen. All déi Froen, déi Dir vläicht elo nach net vu mir ze friddenstellend beäntwert kritt hutt, kann ech lech ganz gären an enger Kommissiounssitzung vun der Chamber beäntweren. Ech wär natierlech frou, wann d'Chamber dëse Projet géif stëmmen, well et ass fir eis wichteg ze wëssen, dass mer fir d'Parlament déi Offer kënnen maachen, well déi Leit déi gi jo ongedëlleg. Déi Leit, déi héiere vu ville Projeten. Et dauert laang ier de Chantier ugeet. Heiansdo si se och net ëmmer gutt informéiert iwwert dat wat bei eis leeft, an da kënn op eemol Opreegung sur la place publique op, déi eigentlech net néideg ass, wann een den Dossier vu sengem Hannergrond hier kennt a wann ee weess, wéi nun emol dat eent an dat anert agraift. De Vote vun der Chamber haut huet an där Bezéiung och eng Signalwierkung an ech soe merci fir e positive Vote.

M. le Président. - Den Här Fayot freet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, kann ech vläicht just an enger Fro nohaken?

(Assentiment)

Hu mer en Accord écrit, eng Konventioun mam Europaparlament, dass se déi Tiern do huelen, a wësse mer schonn ongeféier wat mer als Loyer erëmkreien, well mir strecke jo de Loyer vir an d'Europaparlament bezillt ons de Loyer erëm?

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här Fayot, de Bauteministère schléisst keng Accorde mam Europaparlament an deem

Sënn of. Ech kann lech op déi do Fro keng Antwort ginn an lech net jo an net nee soen. Ech géif dat léiwer nopréien.

M. le Président. - D'Diskusioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 5017 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Articlele 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiede Gesetzesprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5017 ass ugeholl mat 38 Jo- an 18 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, d'Diskussioun iwwert d'Chamberskonte vum Joer 2001. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Stendebach a Greisen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Camille Gira.

9. 5087 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2001

Rapport de la Commission des Comptes

M. Camille Gira (DÉI GRENG), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konte vun 2001 vun der Chamber si selbstverständlech och déi éischt, déi an Euro sinn, eng Ursaach weider fir mech fir lech net mat Dosende vun Zuele bis zwou Stellen hannert dem Komma an Cents hei ze belästegen. Dofir am Schnellduerchgank dat wat mer 2001 hei erakriit an ausging hunn. Mir leien och gutt am Timing wat d'Presentatioun vun dëse Konten ubelaangt. Dofir wëllt ech de Leit aus dem Kontabilitéitsservice häerzlech merci soen, mä net nëmmen dofir, och fir déi gutt Aarbecht